

Stellungnahm vum Guy Weirich zum Budget 2025

An den Zuele vum Budget spigele sech d'Politik vun der Majoritéit an hir politesch Prioritéiten, sot d'Madame Buergermeeschter. Duerfir ass d'Budgetsdebatt fir d'Oppositoun och ëmmer e privilegiéierte Moment, fir Grondsätzleches unzeschwätzen: Zoustëmmung ze signaléieren – wéi bei de grouse Projeten - , mä awer och kritesch nozehaken, fir Erklärungen ze kréien, fir eege Virstellungen anzebréngen an déi eng oder aner Suerg virzedroen.

Een 1. Punkt mengersäits betrëfft den Artikel 3/120 bei den **Dépenses ordinaires**: page 38: Do sinn eis **Archiven** erwähnt an der Rubrique fournitures de bureau. D'kommunalen Archiven sinn zou engem Thema um nationale Plang ginn.

Duerfir meng Froen:

- Wéi si mir a Punkto Archiven opgestallt? Och wat d'Reegelen vum archivage professionnel uginn!
- Schaffe mir mam Nationalarchiv zesummen? Gëtt et do ee Kooperationsvertrag resp gëtt un esou ee Vertrag geduecht?
- Et gëtt Gemengen, déi ee professionellen Archivist agestellt hunn oder sech een Archivist deelen. Wéi ass do d'Haltung vum Schäfferot?

Ech stellen dës Froen weenst der Bedeitung vum patrimoine archivistique, weenst der mémoire collective, weenst de ressources historiques a weenst der lokaler Identitéit, déi duerch e professionellen Archivist gefërdert gi kann. Archivéierung reecht huet och een eminent wichtige kulturellen Aspekt.

Mat mengem zweete Punkt kommen ech bei eis **SEA**, Art. 3/120, op der S. 43:

Do hunn ech als 1. e puer Froen zum

Conseil en organisation / accompagnement du SEA Bertrange (**QUALIA Human Resources Consulting**) au montant de 110.649 € HTVA, cé 27.10.2023 (130.000 € TTC 17%), réf INT 57/24/CAC - Qualia - SEA 55.000 €

Verstinn ech dat richteg, datt dee Kontrakt mat der Zomm vun 110.000 iwwer 2 Joer leeft, esou datt eben da pro Joer 55.000 agesat ginn? Leeft déi Conseil och an den nächste Jore weider oder ass deen zäitlech begrenzt? Wat muss ee sech ganz konkret ënnert dëser Berodung virstellen? Ass dat eppes RENG Organisatoresches? Wat heescht Accompagnement genee? Oder falen do och Berodungen am konkreten, alldeegleche pedagogesche Beräich dran? Firwat stellen ech dës Froen. Nun: Mir wëssen, datt d'Personal an der Maison relais - grad esou wéi eist Schoulpersonal – net nëmmen eng immens wichteg, mä och eng ganz schwiereg Aufgab ze bewältegen huet. Hir Aarbecht stellt si haut virun immens Erausforderungen. Duerfir wëll ech hinnen virop ausdrécklech eis Unerkennung ausschwätzen.

Net méi spéit wéi de leschte Samschdeg huet rtl an hirem Background d'Situatioun an de Maisons relais an an de Schoulen uechter d'Land behandelt. Dobäi ass däitlech ginn, datt mir landeswäit e massive gesellschaftleche Problem am Beräich vun eise Kanner hunn. Och mir hei zu Bartreng si mer dermat konfrontéiert, a jiddereen vun äis kennt Beispiller. (Mobbing, Gewalt) Dat spigelt sech jo och doranner erëm, datt mir hei am Gemengerot d'Reglement hu missen upassen, fir Grenzen ze setzen, an do goufe fir déi schlémmste Situatiounen repressiv Moosnamen virgesinn.

Als CSV waren a si mir – grad wéi déi aner Oppositionsparteien – bei der Trajetsfro anerer Meenung wéi d'Majoritéit. Duerfir wollt mer elo mol nofroen, ob déi ugekënnegt Reunioun mat den Eltere war, wéi den Echo bei den Elteren war a wéi dat elo ofleecht.

Fir elo awer vu virera keng Mössverständnesser opkommen ze loossen. Grad esou wéi mer d'Aarbecht vum Personal unerkennen, erkenne mer d'Beméiungen ëm gutt Infrastrukturen un, déi sech jo mat der neier Maison relais am Hierscht 2025 nach mol verbessere wäerten. Ech hu mer och nach mol d'pädagogescht Konzept vum SEA ugekuckt. Dat ass ee Konzept, an deem usprochsvoll Ziler gesat goufen. Och d'Kapitel vun der Qualitéitsentwécklung huet mech iwwerzecht.

A wann an där rtl-Emissioun laang iwwer Handyfräi Zonen resp. Handyfräizäiten geschwat gouf, da kënne mer mat Satisfaktioun feststellen, datt eist Reglement do schonn Neel mat Käpp gemaach huet: L'utilisation des portables pendant les heures d'encadrement est strictement défendue. Les portables resteront donc éteints.

Ech mengen mat all deem, datt mir gutt Viraussetzungen geschaf hunn. Mir wëssen awer och, datt all Dag seng Erausforderungen huet. Dobäi leeft net ëmmer alles 100 % of, mä dat ass menschlech normal. An et muss ee realistesch bleiwen: Eng Gemeng an eng Maison relais kënnen nach esou gutt opgestallt sinn, mä si kënnen déi gesellschaftlech Problemer an Defiziter, déi ëmmer erëm vu Fachleit am educative Beräich ugeschwat ginn, net eleng léisen. Do sinn och aner Instanze gefuerdert an natierlech och – an éischter Stell – d'Elteren. Duerfir ass et vläicht gutt, ëmmer erëm och op den Eltereforum hei zu Bartreng ze verweisen, Do stelle mer jo d'Lokalitéit zur Verfügung an de Ministère des Finances ënnerstëtzt dat mat 17.600,00 euro.

Bleift fir äis elo nach eng Fro, déi mol schon ugeschwat gouf an déi een an Zukunft awer sécher nach mol eng Kéier, an aller Rou a sécher och kontrovers diskutéiere sollt, nämlech d'Fro, ob een an eiser Maison relais net och Kanner ophuele sollt, déi zwar net an eis Grondschoul ginn, mä awer hei zu Bartreng wunnen. Et schéngt eng Demande do ze sinn – a wéi gesot, fir déi Fro muss ee sech Zäit huelen. Mir géif et schonn duergoen, wann dat haut als eng sënnavoll Fro unerkant géif ginn a wann d'Saach als eng oppen an net als ofgeschlosse Problematik géif ugesinn ginn.

No dësem e bëssche méi laangem Kapitel – e puer méi kuerz Bemierkungen:

Déi eng zum Artikel 3/441 - S. 75

Zum System **vel'OH**

Op mengerSpazéiergänk duerch a rondrëm Bartreng stoussen ech zimlech dacks op Velohen, déi iergendwou stinn oder trëllen. Munchmol deeglaang. Da froen ech mech, wéi de Prestataire do reagiert. Mat den informatesche Moyennen misst dee jo gesinn, wann e Veloh laang Zäit net erëm kënnt. An ech froe mech, ob een dat och iwwer d'App report it op der Gemeng melle soll, mä ech froe mech och, ob et dann elo d'Aufgab vun eisem Personal si soll, déi Velohen do anzesammelen. Mä dës Velohsgeschicht geheet e weidert Liicht op eis Gesellschaft, also an der Kategorie „gesellschaftleche Problem“ oder „Problematik vum Verhalen vu Leit“.

Eise Kierfecht. **Cimetière** Art 3/626 - S. 90

Ech sinn a leschter Zäit e puer Mol op eise Kierfecht ugeschwat ginn. Do si Froe gestallt ginn an et ass Kritik un Zoustand geübt ginn. Iwwer déi konkret Kritikpunkten kënne mer äis eng Kéier an enger Aarbechtssitzung ënnerhalen. Munches ass bei de Leit och vläicht net ganz kloer. Jiddefalls schéngt et mer, wéi wann et net vu Mutwëll wier, an de Kierfecht

ze investéieren a sech doriwwer eraus mat der ganzer Anlag, dem Konzept an och dem Reglement ze befaassen.

Et geet drëm, den **Erwaardungen** op individuellem a gesellschaftlechem Plang gerecht ze ginn. E Kierfecht ass eng wichteg Plaz an enger Uertschaft, et ass e lieu de mémoire. Dee spigelt eis Astellungen erëm, et ass eng Zort Spigel vun eiser Gesellschaft a vun eiser Geschicht an.

Bref: Ech wollt just soen, mir sollten eng Kéier iwwer eng eventuell Optiméierung vun eisem Kierfecht schwätzen an och kucken, fir d'Leit iwwer Verschiedenes ze informéieren.

Da kommen ech zou engem Punkt vun der **Hygiène publique**: S. 94, 3/628/, wou ech mech einfach informéiere wëll. Do gëtt et déi järelech Campagne – 10.000 Euro - , fir d'Raten aus de Gewässer an dem Réseau erauszekréien – euphemisteschesch ausgedréckt. Meng Froen: Wéi muss ee sech dat virstellen? Wat fir Moyennen ginn do agesat? Dat gëtt haut jo sécher méiglechst ekologesch gehandhaabt.

Da wëll ech eppes uschneiden, wat fir mech an d'Rubrique vum e bësschen Drolesche fällt. Wéi ech bei de Recettes ordinaires 2/220 op der S. 8 d'Stéchwuert **Grillfest** gelies hunn, ass mer erëm agefall, wourop ech am Kader vum Senioren- Summertreff am Duerfgaart ugeschwat gi sinn.

D'Membere vun der Kommissioun 50+ goufe bei deem Fest gebieden, Zaloten an Desserten matzebréngen. Dat ass och gemaach ginn, mä net all Kommissiounsmember war doriwwer amused, besonnesch, well d'Desserten dunn do verkaf gi sinn. Den Akzent läit op Verkaf!

Gewëss: Bei eise Veräiner gëtt dat esou gehandhaabt. Mä et ass awer een Ënnerscheed tëscht de Veräiner an der Gemeng.

Meng Froen:

- Ass dat och bei anere Veranstaltungen de Fall, datt d'Membere vun de Kommissiounen – nieft hirem Asaz bei der Virbereedung an der Veranstaltung selwer och ëm esou änlech Beiträg gebiede ginn? Fir eppes matzebréngen.

- Ass et net dach e bëssche speziell, datt déi Desserten da verkaf ginn an d'Suen an d'Keess vun der Gemeng fléissen. Et geet mat Sécherheet hei ëm ee kleng Betrag. Aner fêtes publiques weisen – an et si vu menge Virriedner*innen Beispiller genannt ginn –, datt eis Gemeng alles anescht wéi knausereg ass.

Da bezéien ech mech op d'Erneierung vun der **Fassad vum Centre Bureck**. Do hate mer jo méi wéi Pech mat där ursprénglecher Entreprise: A wat fir engem Artikel dauchen déi zousätzlech Käschten am Budget op ? Mat wat fir enger Zomm musse mer do rechnen?

Eng kleng perséinlech Ergänzung zum Kapitel **Spillplazen**, **Extraordinaire**: page 171: 4/621, dat d'Nadine méi ausféierlech behandelt huet. Eng Spillplaz, déi mer scho laang um Mo läit. Ech war mer de leschte Freideg nach mol déi Spillplaz an der rue des Aubépines ukucken. Si ass zënter enger Rei Joren offiziell zou. Ech hu mer laang iwwerluecht, mat wat fir enge Wierder ech déi Situatioun do charakteriséiere soll – getrei mengem Prinzip, opzepassen, wéi een eppes seet an am Virfeld ze iwwerleeën, wat déi eng oder aner Formulierung bewierke kann, d'Wierder also ofzeweien. Ech hu mech fir dës Formulatioun decidéiert: Mir bekleckeren äis do net grad mat Ruhm. Zum Gléck läit déi Spillplaz hannerwaans. Mä, ech froe mech, wat all déi Leit denken, déi do zënter e puer

Joer Dag fir Dag laanscht ginn. Vun e puer Leit weess ech et! Et wier also gutt, wann dës Spillplaz op enger Spëtzeplaz an der Prioritéitelëscht figuréiere géif?

Well de den nächsten Artikel Art 4/624, S. 174 **chemin piétonnier le long de la route de Longwy**: schonn ugeschwat gouf an Dir scho geäntwert hutt. Et ass mer awer nach net ganz kloer. Vu, datt do Ponts&Chaussées am Spill sinn an dat an der Vergaangenheet als schwierigen Dossier bezeechent gouf, stelle ech virun allemn dës Fro: Kënne mer do elo wierklech optimistesche an d'Zukunft kucken? Kënnt Dir zu dësem Moment ausschléissen, datt et äis net esou ergeet, wéi mam Projet, bäi deem de Wee deemools uewen duerch d'Wisen ugeluecht soll ginn? An duerno awer net konnt executéiert ginn.

Mäin nächste Punkt ass d'**Kultur**.

Mat grousssem Interessi hunn ech de Rapport vun der Presidentin vun der Kulturkommissioun nogelauschert. Ech freeë mech, datt d'Kultur weiderhin e grouse Stelleväert hei an der Gemeng huet. Munchmol hunn ech awer missen schmunzelen an ech war net deen Eenzegene heibannen. Et ass ëmmer gutt, wann een eppes verbessere kann, mä et muss een och gesinn, datt dës Kulturkommissioun op deem opbaue kann, wat virun an d'Liewe geruff ginn ass. De **Bayota** ass an der 5. Editioun! Dat heescht hien huet eemol missen opgebaut ginn vun 2 Kommissiounen: der deemoleger Kulturkommissioun an der Jugendkommissioun, déi gutt zesummegeschafft hunn. Och déi Editiounen virun – wou ech Verantwortung gedroen hunn – hate Succès. Net méi duerzou - just e klengen Detail. Zum Festival 2/836, S. 30 féiert de Budget an de recettes ordinaires 3/236 (S. 30) zënter Joren ëmmer e méigleche Subside vum Kulturminister un. Deen ass bis elo allerdéngs just eng eenzeg Kéier attribuéiert ginn. Vläch ass den neie Kulturminister awer erëm bereet, iwwer dës Wee e Beitrag zur Ënnerstëtzung vu jonken Talenter ze leeschten. Wat och een Encouragement fir eis Initiative hei zu Bartreng wier.

Zur Arca: D'Programmation an der ArcA vum Service culturel, notamment vum Jeff, fënnt meng Unerkennung. Dat bestätegt mech an deem, wat ech hei an der Vergaangenheet gefuerdert hunn: eng gréisser Professionnalitéit duerch eng Persoun, déi sech ganz dorop konzentréiere kann. Och déi technesch Ausrüstung vum Sall ass verbessert ginn. Do konnt ech da mol schonn – zumindest vun der Technik hir - ee groussaartegen Spektakel op der Bün erliewen. Jiddefalls loune sech d'Investissementen an Technik. E Problem schéngt allerdéngs d'Lautsprecheranlag geleeëntlech ze maachen. Do war bei engem Diskussionsowend dauernd Gekrackels ze héieren, wat d'Nolauschterer zimmlech strapazéiert huet. Mä, dat misst jo eigentlech och an de Grëff ze kréie sinn.

Datt d'ArcA virun net iwwer d'Grenze vu Bartreng eraus bekannt gewierscht wier, dat ass eng zimlech keck Behauptung. Ech géif gär héieren, wat de Mulles Krier, de fréieren DP-Schäffen, duerzou ze soen huet. An der Zäit, wou ech Verantwortung hat, si vill gutt Kënschtler, bekannte Bands an Orchesteren hei zu Bartreng opgetratt. Dacks sinn hei zu Bartreng Leit opgetratt, déi duerno am Land grouss erauskomm sinn – och dank der gudder Zesummenaarbecht mat der UGDA. Grad wéi mäi Virgänger, de Mulles, war ech e puer Joer bei bal all Evenement an der ArcA derbäi. Ech weess also, vu wat ech schwätzen. D'ArcA ass scho laang iwwer d'Grenzen vu Bartreng eraus bekannt. Et sinn ëmmer vill Leit vun ausserhalb an d'ArcA komm. Et gouf Manifestatiounen, wou bal nëmme Leit vu baussen do waren. Et gouf och deemools Manifestatiounen, wou d'ArcA strubbelvoll war. Mir haten och eng Kéier eng Manifestatioun am Centre Atert – Lasershow "Nach Europa" - , wou Klasse aus verschiddenen Regiounen mat Bussen komm sinn. Dat ass meng Äntwert op de Rapport zur Kultur, déi ech mat engem charmante Lächelen op déi aner Säit vum Dësch eriwuerreechen.

Ech bedauern awer, datt de flotten, internationale **Buchfestival BOOK ON** (fir d'Kanner) dëst Joer huet missen an d'Nopeschgemeng verluecht ginn. Ech hat gehofft, datt en den nächsten Hierscht erëm hei zu Bartreng ka sinn. Leider awer schéngt duerfir och den nächste September an Oktober keng Plaz méi hei zu Bartreng ze sinn. Dat bedauern ech zoudéifst. Ech bedauern dat aus e puer Grënn,

- well dee Buchfestival bei eiser internationaler Communautéit vu Bartreng op grousst Intressi gestouss ass,
- well hei d'Méiglechkeet besteet, d'Kanner, nieft der Schoul, op eng attraktiv Manéier un d'Bicher an d'Liesen erunzeféieren,
- a well et eng flott Initiative vum Vivre ensemble duerstellt.

A wa mer scho bäi de Bicher sinn. Dir wëllt, no Ärem Programm, an dëser Legislatur och eng **ëffentlech Bibliothék** ariichten. Wéi wäit sinn Är Iddien do gediehen? Wéi stellt Dirlech dat vir – inhaltlech an zäitlech?

Iwwer déi Offer eraus, déi et momentan am Kulturberäich hei zu Bartreng gëtt, schéngt et mir wichteg, **en neien Akzent struktureller Aart an der Kulturpolitik** ze setzen. Ech si frou, datt d'Yolande dëst ugeschwat huet. D'Iddi schéngt hire Wee ze maachen. Ech halen duerfir e weidere Plädoyer fir d'Aféierung vun enger **Konschtschoul**, parallel zur Museksschoul. Domat widderhuelen ech mech zwar, mä ech si vun der Wichtigkeet vun deem Projet iwwerzeegt a setze mech och weiderhinn derfir an. Ech wäert déi Iddi elo net nach eng Kéier ausféierlech duerleeën, well ech dat op anere Plaze schrëftlech gemaach hunn. Duerfir nëmmen am Resumé, awer konkret: Ech proposéieren, déi Aktivitéiten an Initiativen, déi et elo schonn a Saache Konscht hei zu Bartreng gëtt, zesummenzeféieren, ze ergänzen an auszebauen – eben en vue vun enger Konschtschoul, déi sech lues a lues entwéckele soll. Opbauend also op de Coursen vun der Photographie an de verschiddene Molcoursen, dem Mol**concours** an de Filmatelieren vum Bayota kéint een an engem éischte Schrëtt zousätzlech Aktivitéiten ubidden – fir all Altersschichten a besonnesch natierlech fir d'Kanner a Jugendlech. Et kéint een hei eise Groupement d'Art populaire mat abannen a virun allem kéint eis Gemeng sech e Partner aus der Szeen sichen: d'Ecole d'art contemporain oder de CEPA – Centre pour la promotion des arts Luxembourg. D'Gemeng Bartreng kéint hei, wéi dat jo och soss mol scho geschitt ass, eng Virreider-Roll am Land spillen.

Eppes Leschtes zur Kultur: Ech freeë mech, datt d'Zesummenaarbecht mat der UGDA esou héich gelueft ginn ass. Domat schéngt jo dann d'Zukunft vun der Regional Museksschoul Westen och fir Bartreng geséichert ze sinn.

Bleiwe mir nach just 3 Punkten:

Déi 1. a Saachen **Elektrizitéit**

Mir hunn elo schonn eng gutt Infrastruktur, a produzéiere selwer Stroum. Men Froen:

Wat fir Repercussioun huet dat op eis Ausgaben? Ass do schonn ee klaren Trend ze bemierken oder ass et nach ze fréi, fir festzustellen, a wéiwäit eis Dépensen erof ginn? Wann et nach ze fréi ass, da waarde mer nach: Mä et wier sécher interessant, dann, de Bilan virgeluegt ze kréien: Wéivill Megawatt goufen am Solarpark reellement produzéiert? Et gëtt jo een Ënnerscheed tëschent der potenzieller Leeschtung an der tatsächlecher? Dee Bilan kënn weisen,

- wéivill Stroum mir selwer verbaucht hunn,
- ob mer zäitweis Stroum un Enovos liwweren.

- Et wier och interessant ze wëssen, ob et Deeg am Summer gouf, wou Enovos kee Stroum vun äis ofgeholl huet, well zu bestëmmte Momenter zevill Stroum uechtert d'Land produzéiert ginn ass.

An der Tabell zou de Syndikater gesi mer, datt eis Partizipatioun fir Les Thermes fir d'Nächst Joer ëm eng 90.000 Euro erop geet an elo bei 1.480.000 euro läit. Do hu mer all Joer e substantielle Beitrag, den zweethéchten nom SICA, wéi de Marc Lang jo och duergeluegt huet. Leider haten Les Thermes an der leschter Zäit keng schéi Press. Do ass eng relativ peinlech Geschicht op d'Tapéit koom. Ech mengen, et sollt een dat roueg uschwätzen. Fir déi betraffe Fraen muss dat natierlech eng furchtbar Erfahrung gewierscht sinn. Wat an den Artikele vun der Press stëmmt a wat net, kënne mir als Aussenstehend net jugéieren. Ech sinn awer zouversichtlech, datt déi Verantwortlech, zou deenen och eis Verrieder hei bannen gehéieren, déi Moossnahmen, déi sech opdrängen, ergräifen wäerten. Mir wëssen all, mir liewen nun eemol net an enger heiler Welt an et gëtt ëmmer erëm béis Iwwerraschungen, an d'Erausfuerderunge sinn nun emol vielfälteg. D'U schwätzen erlaabt mer et, och deenen, déi bereet sinn an eiser Gesellschaft Verantwortung op wichtige Posten, ze iwwerhuelen, a bereet sinn, sech och mat esou Affären erëmzeschloen, mäi Respekt, aus zoudéifst demokratescher Astellung, ze erweisen.

Iwwer den Alldag eraus wëll ech dann de Bléck op d'Zukunft riichten: de Begrëff Triangle Helfent daucht am Budget op mam Hiweis op frais d'études. Do gëtt ee wichtigen Chantier opgemaach, ee Chantier, duerch deen ersichtlech gi wäert, wéi Bartreng sech als Ganz fir d'Zukunft opstellt. Mä dorop an op eis Iddien an deem Zesammenhang komme mer da spéider ganz gär eng Kéier zréck.